Ville d'Esch-sur-Alzette
**Secrétariat**

**Date de l'annonce publique de la séance:**
**21.06.2010**
**Date de la convocation des conseillers:**
**21.06.2010**

**point de l'ordre du jour :**
**10**

# Délibération du Conseil Communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette

## Séance publique du 2 juillet 2010

Présents: Mutsch, bourgmestre, Braz, Hinterscheid, Tonnar, échevins, Hannen, Roller, Huss, Jaerling, Knaff, Codello, Wohlfarth, Weidig, Becker, Baum, conseillers,
Clement, secrétaire communal.
Absents : Spautz, échevine, Maroldt, Snel, Hildgen, Zwally, conseillers communaux

# Le Conseil Communal;

**Objet: Relatiounen tëschend dem Schäfferot an de Gemengeréit: motion**

Vu la motion présentée par le conseiller communal Aly Jaerling au sujet des « **Relatiounen tëschend dem Schäfferot an de Gemengeréit,** » à savoir :

« De Gemengerot vun der Gemeng Esch,
a sénger Sëtzung vum 02. Juli 2010 hält fest, datt

no den Aussoen vun der Madame Buergemeeschtesch, déi an der Gemengerotsëtzung vum 11.06.2010 soot, tëschend dem Schäfferot an dem Gemengerot géiw et eng Gewaltentrennung, an domadder de Gemengeconseilleeën nët unbedingt all Courrier zougängeg wir;

laut de gesetzleche Bestëmmungen d'Conseilleeën vun de Bierger gewielt ginn;

de Schäfferot vun de Gemengeconseilleeën désignéiert gëtt;

de Gemengerot déi éischt Instanz an der Gemeng ass;

de Schäfferot eng Exekutiv ass vum Gemengerot, an domadder dem Gemengerot Rechenschaft iwwer all séng Aktivitéiten duerzleeën huet;

de Schäfferot laut Gemengegesetz an dem internen Reglement gehalen ass, an daat op Beschloss vum Gemengerot, innerhalb engem Mount op Froen vun de Conseilleeën schréftlech ze äntwerten, daat awer réigelmässeg nët mëcht;

d'Gemengereglement misst aktualiséiert an moderniséiert ginn;

een Conseilljee sëch d'Méi gemeet huet eng dementspriechend Propositioun auszeschaffen, déi dem Gemengerot awer nach nët offiziell duergeluet gouw;

et muss normal sinn datt dem Bierger séng Doléancen respektéiert ginn, an datt och op Courrier vun de Bierger an engem vernünftegen Délai geäntwert gett;

fuerdert doofir de Schäfferot op

d'Conseilleeën iwwer all Courrier ze informéieren, déi an der Kompetenz vum Gemengerot läit, fir datt se kënnen Asiicht dran huelen, wa se daat wënschen;

am virgeschriwwenen Délai op schréftlech Froen vun de Conseilleeën och schréftlech ze äntwerten.

daat aktuellt Gemengereglement ze aktualiséieren an ze moderniséieren an dem Gemengerot dementspriechend Virschléi ze ënnebreeden;;

dem Gemengerot all dementspriechend Virschléi offiziell zouzestellen fir eng Diskussioun kënnen doriwwer am Gemengerot ze féieren;

de Bierger, déi sech mat enger Doléance un d'Gemeng wenden, an engem vernünftegen Délai ze äntwerten ;

en Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee sech zesummesetzt aus allen politeschen Sensibilitéiten an engem Vertrieder vum Schäffenrot fir en neien Règlement d'ordre intérieur auszeschaffen bis Enn Oktober 2010. »

Après discussion ;

**approuve**
**à l'unanimité**

la motion précitée.

en séance date qu'en tête
suivent les signatures

Esch-sur-Alzette, le 02.07.2010.
Pour expédition conforme,
Le secrétaire communal, Le bourgmestre,